

Informatiounen - Geméiskuerf vum “Kiischpelter Geméisgaart”



Dir kritt vun eis um Ënn vun der Woch (Donneschdes oder Freides) en Geméisangebot geschéckt. Dir kennt d'Angebot iwuer Whatsapp oder per E-mail kréien.

Dat Angebot besteet aus engem **Geméiskuerf** aus eisem Kiischpelter Geméisgaart, an ergänzend heiansdo Produkter aus der Kiischpelter Region z.B. vum BioHaff Fischbach.

Wéi funktionnéieren mir?

D'Angebot gétt all Woch nei vun eis verschéckt. Schéckt eis einfach eng Norëscht zeréck mat “ech well ee Kuerf” an dir gitt ob d'Lescht gesat vun der Woch. Dir **musst** eis all Woch ob eis d'Angebot äntweren vir ee Kuerf ze kréien.

Mir kënnen och net jidderengem ee Kuerf verspriechen dofir sinn déi di als éischt bestellen och als Éischt drun, dir krit natierlech vun eis eng Confirmatioun ob dir ee Kuerf krit oder net. Confirmatioun kann awer daueren bis Mëttwochs Owes!

Wéivill?

De Präis läit bei **20-25 Euro pro Kuerf**. De Präis gétt och am Angebot matgedeelt.

Wou?

Ofhuelplaz ass am **Ale Moart zu Wooltz:**
13, Grand-Rue
9530 Wiltz

Mëttwochs kritt dir dann eng Norëscht ob dir ee Kuerf kritt oder net.

Dir kennt är d'Geméis **Donneschdes** ab **12:00** siche kommen an steet bis owes 17 Auer do.
Bréngt wegl. eng eege Këscht/Eco-Tut mat vir alles dran ze maachen.

Bezuelung?

Bezuelen maacht dir ob der Platz am Ale Moart. Wann Dir ee Kuerf bestellt an den net siche kommt, musse mir lech den awer verrechnen!

Iwwer eis:

Eis d'Geméis gétt nohalteg ugebaut, dobäi verzichten mir op chemesch-syntheetesche Düngemëttel an Sprëtzemëttel. Et gi Liewensraim fir d'Erhaltung vun der Villfalt vun den Insekten geschaafte déi och zur Ästhetik an zum Wuelbefannen vun den Mataarbechter bäidroen.

De Projet Kiischpelter Geméisgaart ass en inklusive Projet wou Mënschen mat engem Statut Aarbecht fannen a kënnen um gesellschaftlechen Lierwen deelhuele. De Projet ass encadréiert vun COOPERATIONS Société Coopérative vun Wolz.

Merci villmools

Kiischpelter Geméisgaart

E-Mail: commande@gemeisgaart.lu
GSM.: +352 691 46 75 62



COOPERATIONS
ENTREPRISES SOCIO-CULTURELLES